



## 1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech maachen d'Sézung op.

Huet d'Regierung Kommunikatiounen ze maachen?

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Neen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Statsminister. Dat ass net de Fall.

## 2. Communications

Da wollt ech der Chamber communiquéeren:

1) dass d'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten hei deponéiert gouf.

2) D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sézung an d'Chamber erakomm sinn, ass un d'Fraktioun gaangen.

3) D'Lëscht mat der Petitioun, déi säit der leschter Sézung deponéiert ginn ass, ass un d'Fraktioun verdeelt ginn.

4) Sou wéi dat dann am Chambersreglement virgesinn ass, wollt ech folgend Kommunikatioun un d'Chamber maachen: De 4. Juni 2015 huet d'Presidentin vum Statsrot matgedeelt, dass nom Départ vum Här Paul Schmit e Posten als Conseiller d'État vakant ginn ass.

Esou wéi et festgehalten ass am Gesetz vum 12. Juli 1996 iwwert de Statsrot souwéi an den Artikelen 115 bis 117 vum Chambersreglement, ass d'Chamber dozou opgeruff, eng Lëscht vun dräi Kandidaten fir de Poste vum Statsconseiller opzestellen. Interessente kënnen hir Kandidatur per Brëif un de Chamberspresident riichten, an dat spëtstens bis den 1. Juli. De Stempel vun der Post gëllt.

Mat der Kandidatur ass e Liewenslaf mat deenen néidege Pabeieren anzerechen, déi beleen, dass een déi folgend Konditiounen erfëllt: d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn, am Besëtz vun den zivilen a politesche Rechter sinn, hei zu Lëtzebuerg liewen, den Alter vun 30 Joer erreecht hunn.

E spezifesch Profil ass eis vum Conseil d'État matgedeelt ginn. Wat dësse Profil ugeet, esou huet de Conseil d'État sech fir eng Präferenz fir e Kandidat, dee Jurist ass, mat enger Spezialisierung am Droit public an administratif an enger Erfahrung am administrative Beräich, ausgeschwat.

Ech erënneren Iech drun, dass all Deputéierten d'Recht huet, innerhalv vun der festgeluechter Frist een oder e puer Kandidaten ze proposéieren. An deem Fall ass eng Pièce bälzeleen, déi d'Averständnis vum Kandidat beleet. Dës Kommunikatioun gëtt och als Avis officiel an der Press verëffentlecht.

### Communications du Président - séance publique du 9 juin 2015

1) *La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.*

*Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.*

2) *Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:*

**6818** - *Projet de loi portant création d'une école internationale à Differdange*

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 21.05.2015

**6820** - *Projet de loi portant modification:*

1) *de la loi du 29 mars 2013 relative à l'organisation du casier et aux échanges d'informations extraites du casier judiciaire entre les États membres de l'Union européenne,*

2) *du Code d'instruction criminelle,*

3) *du Code pénal*

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 19.05.2015

**6823** - *Projet de loi concernant les appareils et les systèmes de protection destinés à être utilisés en atmosphères explosibles*

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 20.05.2015

**6824** - *Projet de loi portant modification du décret du 30 décembre 1809 concernant les fabriques des églises*

Dépôt: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur, le 27.05.2015

**6825** - *Projet de loi relatif à la construction de la 5<sup>e</sup> extension de la Cour de Justice de l'Union européenne*

Dépôt: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 03.06.2015

3) *La demande de pétition publique suivante a été déposée:*

*Demande de pétition publique n°507 - Eis Kanner sinn zu allem fäeg. Fir e richtegt a professionellt Schwammeléieren an der Grondschoul!*

Dépôt: 21.05.2015 par Marco Thomé, Gewerkschaft vum Gemengepersonal

4) *Par courrier du 4 juin 2015, Madame la Présidente du Conseil d'État a informé M. le Président de la Chambre des Députés qu'à la suite du départ du Vice-président du Conseil d'État, M. Paul Schmit, il y a lieu de pourvoir à son remplacement.*

*Conformément à la loi du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d'État et aux dispositions des articles 115 à 117 de son Règlement interne, la Chambre des Députés sera appelée à établir une liste de trois candidats pour le poste de conseiller d'État.*

*Les personnes intéressées peuvent adresser une candidature par simple lettre au Président de la Chambre des Députés, 23, rue du Marché-aux-Herbes, L-1728 Luxembourg, jusqu'au 01.07.2015, l'estampille de la poste faisant foi.*

*Les candidatures doivent être accompagnées de notices biographiques et de toutes pièces utiles indiquant que les conditions prévues par la législation applicable sont remplies, à savoir:*

1) *être de nationalité luxembourgeoise (copie de la carte d'identité);*

2) *jouir des droits civils et politiques (extrait du casier judiciaire et certificat d'inscription aux listes électorales);*

3) *résider au Grand-Duché (certificat de résidence);*

4) *être âgé de trente ans accomplis (extrait de l'acte de naissance).*

*Un profil spécifique du candidat pour le mandat à pourvoir a été établi par le Conseil d'État. Le Conseil d'État exprime une préférence pour un candidat disposant d'une formation de juriste, spécialisé en droit public et en droit administratif et disposant d'une expérience administrative. La Chambre des Députés établira la liste des trois candidats en séance publique sur base des candidatures introduites.*

*(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)*

## 3. 6821 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d'État

### Déclaration de recevabilité

Da wollt ech Iech matdeelen, dass an hirer Reunion vum 4. Juni d'Présidentekonferenz sech fir d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi 6821 ausgeschwat huet. Et handelt sech dobäi ëm eng Proposition fir eng Ofännerung vum Statsrot. Déi Proposition gouf den 19. Mee vum Här Paul-Henri Meyers deponéiert.

Ass d'Chamber mat där Proposition d'accord?

### (Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

**(La proposition de loi n°6821 est renvoyée à la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle.)**

## 4. 6822 - Proposition de loi modifiant la loi du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise afin de faciliter l'accès à la nationalité aux soldats volontaires de l'Armée

### Déclaration de recevabilité

An der Reunion vum 4. Juni 2015 huet sech d'Présidentekonferenz och fir d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi 6822 ausgeschwat. Et handelt sech ëm eng Ofännerung vum Gesetz iwwert den Zougang zur Lëtzebuerger Nationalitéit fir déi fräiwëlleg Zaldoten. Déi Proposition de loi gouf den 20. Mee vum Här Fernand Kartheiser deponéiert.

Ass d'Chamber d'accord mat deem Virschlag vun der Presidentekonferenz?

### (Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

**(La proposition de loi n°6822 est renvoyée à la Commission juridique.)**

## 5. Ordre du jour

D'Présidentekonferenz vun deemselwechten Dag huet sech fir deen Ordre du jour ausgeschwat, deen de Fraktiounen zougestallt ginn ass.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour d'accord?

### (Assentiment)

Dann ass dat och esou décidéiert.

A mir kommen dann zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour. Et geet ëm deen Débat, dee vun der Regierung ugefrot ginn ass iwwert de Rapport Artuso, betreffend d'Fro vun der Behandlung vun eise jiddesche Matbirger während där Period vum 1933 bis '41. Ech wëll Iech soen, dass d'Riedezäit nom Modell 1 fixéiert ass. Dir hutt déi Riedezäit matgedeelt kritt. An als éischte Riedner bieten ech de Statsminister, den Här Xavier Bettel, un d'Riednerpult. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

## 6. Conclusions du rapport final concernant la «question juive» au Luxembourg (1933-1941) - L'État luxembourgeois face aux persécutions antisémites nazies

### Déclaration

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech Merci, dass an de Chamberskommissiounen an och heibannen an aller Serenitéit am Kader vun engem eierlechen, oppenen a couragéierten Débat iwwert de Rôle vun eisen Institutiounen an enger ganz däischerer Zäit vun eiser Geschicht ka geschwat ginn.

Nodeems d'Historiker Serge Hoffmann an Denis Scuto an der Effentlechkeet berechtigt Froen iwwert de Rôle vun de Lëtzebuerger Autoritéite während dem Zweete Weltkrich gestallt hunn, gouf den 28. September 2012 hei an der Chamber eng parlamentaresch Fro deponéiert, eng Fro, déi net ouni Konsequenze bliwwen ass. An engem gewëssene Sënn geet hei am Parlament haut also e Krees zou, och wann d'Opschaffen an d'Aarbechte vun der Recherche weidergefuert musse ginn an och ginn.

Am Januar virun zwee Joer huet den deomlege Premierminister a senger Äntwert op déi Fro vum Här Ben Fayot nach vun engem gewëssene Flou geschwat, wat de Rôle vun der Verwaltungskommissioun a Relatioun mat der Deportatioun vu Judde betrëfft. Aus deem Grond huet d'Regierung et och noutwendeg fonnt, dass een d'Recherche sollt encouragéieren.

Am Mee 2013 ass schliisslech eng Konventioun tëschent der Uni Lëtzebuerg an dem Statsministère ënnerschrifwe ginn, déi et erlaabt huet, fir en Dispositiv vu Recherche iwwert de Rôle vun der Exekutiv an der Zäit vum Zweete Weltkrich opzestellen.

D'Froen, déi sech gestallt goufen, waren eendeitig a couragéiert: Hunn d'Autoritéite vun deemools mam Okkupant bei der Persekutioun vun de Judde kollaboréiert? Wéi huet déi eventuell Kollaboratioun ausgesinn? Wéi a vu wem war se motivéiert?

Den Historiker Vincent Artuso huet den Opdrag vun der Uni Lëtzebuerg ugeholl an hie gouf a senger Aarbecht encadréiert vun engem Comité scientifique. Et huet sech bei der Aarbecht vum Här Artuso scho fréi gewisen, dass d'Fuerschung iwwert d'Kollaboratioun wäit iwwert dat muss erausgoen, wat an deemem Projet de recherche définéiert gouf.

Dës ganz fréi Konklusioun steet nach ëmmer a muss zu weideren Efforte beim Opschaffe vun eiser eegener Geschicht féieren. D'Resultater vun der Recherche an déi virleefeg Schlusskonklusioun vum Här Artuso sinn a sengem Rapport festgehalten. Et sinn vun Deel ganz nei Erkenntnisser, déi den Historiker beschreift. An et ass duerch dës Fuerschungsaarbecht Luucht a verschidden däischerer Ecker komm an dat ass och gutt esou a wichteg. Et gouf héich Zäit - et gouf héich Zäit! -, dass mir eis mat allen Aspekter vun eiser Geschicht auserneesetzen, dass mer méi e kompletten Iwwerbléck vun deem, wat geschitt ass, fuerderen an och kréien.

Et sinn awer net nëmmen nei Erkenntnisser, déi eis haut zum Nodenke bréngen. Am Rapport, iwwert deen d'Chamber haut debattéiert, sinn och Elementer zrëckzefannen, déi scho virdru bekannt waren, awer kaum thematiséiert goufen. Dat betrëfft d'Beispill vum Telegramm vun der Commission administrative un Nazi-Däitschland, iwwert deen de Paul Cerf 1980 scho geschriwwen huet. Hei seet d'Verwaltungskommissioun sech bereit, eis Uerderer ze follegen, soulaang d'Souveränitéit vum Land net a Fro gestallt géif ginn.

Mir hunn haut och nei Informatiounen, déi mer virun e puer Méint net haten. Mir hunn haut e Spiegel, an dee mer kucken, dee jorzéngtelaang um Späicher an enger Këscht louch, déi staark verstëbt war an déi keen esou richteg wollt opmaachen. Mir hunn eenzel Beispiller, wou Vertrieeder vun der Exekutiv bewosst oder onbewosst kollaboréiert hunn an e Riedche waren an där Maschinerie vun der Judde-

verfolgung. Fonctionnaires, Vertrieeder vun der Police, Leit aus dem Enseignement, mä och Beamten a Burgermeeschteren op Genniveau ware punktuell oder generell bereet, fir ze kollaboréieren an notamment Lëschte mat Nimm vu jiddesche Matbirger opzestellen a weiderzeginn.

Déi gréisste Responsabilitéit vun der Verwaltungskommissioun war déi, dass een den Uerderer vum Gauleiter Gustav Simon gefollegt huet an de Lëtzebuerger Judden, déi geflücht waren, net erlaabt huet, nees bei sech heemzekommen, schreift de Vincent Artuso a sengem Rapport.

Vun deem Dag un hätt een d'Denkstempel vum Nationalsozialismus akzeptéiert, sou den Historiker an de Konklusioun vu sengem Rapport. D'Fro, ob et eng Alternativ zu där Positioun gouf, ass haut schwéier ze beäntweren, an nach méi schwéier ze beäntweren.

Et bleift d'Gewëssheet, dass mer net all Helde waren an dass mer eng Verantwortung géigeniwwer der jiddescher Communautéit droen. Déi Verantwortung musse mer iwwerhuelen an zu där musse mer och stoen. Wéi mer haut domadder ëmginn, musse mer all zesummen entscheeden.

An dofir freet d'Regierung och, Här President, d'Chamber, als éischte Pouvoir vum Land, op dës Fro Positioun ze bezéien. D'Bereetschaft vum Pouvoir exécutif, fir d'Responsabilitéit ze iwwerhuelen, steet, an déi Responsabilitéit kënnen a solle mer haut zesummen assuméieren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Statsminister. An éischte Riedner ass den Här Alex Bodry, President vun der Institutiounskommissioun, deen am Numm vun der Presidentekonferenz an der Institutiounskommissioun d'Resultat vun eisen Aarbechte presentéiert a Form vun enger Resolution. Duerno kennt den eigentlechen Débat. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

### Dépôt et présentation d'une résolution

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, et ass fir mech eng grouss Eier, fir haut därefen an Ärem Numm dës Resolution ze presentéieren, eng Resolution, déi mer a siwe Sitzunge geschafen hunn, d'Conférence des Présidents an d'Institutiounskommissioun, mat der Suerg a mat dem Wëllen, fir op eestëmmeg Konklusiounen ze kommen. Dat ass eis gelongen.

1945 bis 2015, 70 Joer nom Enn vum Zweete Weltkrich debattéiert d'Chamber iwwert déi sougenannten „Judefrage“ zu Lëtzebuerg, d'Verfolgung vun de Judden ënnert der Nazibesatzung hei am Land. Et ass déi éischte Kéier, dass déi Fro vun der Shoah, der systematescher Extermination vun dem jiddesche Vollek, an den Zentrum vun enger parlamentarescher Debat hei zu Lëtzebuerg gesat gëtt. Bei deem Masseverbrechen, deem Völkermord, deem Verbrechen géint d'Mënschlechteet, jo géint d'Mënschheet, duerch Nazidäitschland an duerch eng Haassideologie si während dem Zweete Weltkrich sechs Milliounen Judden ëmkommen, dorënner 1,5 Milliounen Kanner.

Dës verréckten Exterminationsswell huet och viru Lëtzebuerg net Halt gemaach. No dem aktuelle Wëssensstand si ronn 1.300 Judden, déi am Mee 1940 am Land gelieft hunn, vu Lëtzebuerg, vu Frankräich a vun der Belsch an d'Doudeslageren deportéiert ginn, wou se bal all gestuerwe sinn.

Dës Affer gehéieren zu deem bluddegen Tribut, deen eist Land an deem Krich huet misse bezuelen. No den offizielle Chifferen huet Lëtzebuerg 5.700 Doudesfäll ze bekloen, déi op de Krich an op d'Ennerdréckung zrëckzeféiere sinn. Dat entsprécht ronn 2% vun der deomleger Bevëlkerung. Dës dramatesch Evenementer bleiven an eiser nationaler kollektiver Erinnerung, an eiser Geschicht verankert. Si hunn d'Lëtzebuerger Natioun zementéiert.

Als Chamber bewonnere mer de Courage, déi couragéiert Haltung vu munche Lëtzebuerger géintiwuer dem Okkupant, déi senger mënscheveruechtender Ideologie resistéiert hunn an och eng Partie Judde virum sécheren Doud gerett hunn.

Dee vun der Regierung gefrote Rapport vum Historiker Vincent Artuso vum 9. Februar 2015 huet awer och eng aner Säit vun der Situatioun vun de Judden hei zu Lëtzebuerg opgezeechent. An enger de Judde misstrauesch, jo feindlech gesënnter Atmosphär an den 1930er Joren, an de 40er Joren zu Lëtzebuerg, wéi a ganz Europa, ass op verschiddene Verwaltungsneueuen et hei am Land zu Feelverhale komm.